Här Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24te Januar 2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir bannenzeg & ëffentlech Verwaltung weiderzeleeden.

D'lescht Joer hunn ech dem Minister fir bannenzeg Sécherheet zwou parlamentaresch Froen (n°84 an 203) iwwert d'Aarbechtszäite bei der Police gestallt. An de jeeweilegen Äntwerten erkläert de Minister, dass d'Akraafttriede vum Policegesetz 2018 deemools dozou bäigedroen huet, dass d'Police huet missten hire Schichteplang ëmstellen. Gläichzäiteg huet de Minister zouginn, dass d'Schaff – a Rouzäiten net ëmmer kënne respektéiert ginn.

De 17te Juni 2019 huet de Minister den Accord "relatif au temps de travail et de repos dans la police" mat de betreffende Gewerkschaften ënnerschriwwen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Am Kontext vum Accord iwwert d'Schaff– a Rouzäiten: Wéi vill Fäll gouf et säit dem 11te Juni 2019 (opgelëscht pro Mount),
    a. an deene Policebeamte méi ewéi 10, awer manner ewéi 12 Stonnen hu misse schaffen ?
    b. an deene Policebeamten op engem Schaffdag méi wéi 12 Stonnen hu misse schaffen?
    c. an deene Policebeamte kee Repos vu mindestens 11 Stonnen tëscht zwee Schaffdeeg kruten? Wéi vill Stonne Repos haten dës Policebeamten, bei deenen déi 11 Stonne Repos net respektéiert goufen ?
    d. an deene Policebeamte méi ewéi 48 Stonnen an enger Woch geschafft hunn?
    e. an deenen déi 35 Stonne Repos hebdomadaire net respektéiert goufen? Wéi vill Stonne Repos haten dës Policebeamten, bei deenen déi 35 Stonne Repos net respektéiert goufen ?

2. Vum 15te bis den 18ten Oktober war déi belsch Kinnekskoppel op offiziellem Staatsbesuch zu Lëtzebuerg. Wärend deenen dräi Deeg gouf eng immens Zuel u Policepatrullen an der Haaptstad agesat.

a. Kann de Minister garantéieren, dass wärend der Presenz vun der belscher Kinnekskoppel d'Dispositiounen iwwert d'Schaf- a Rouzäiten aus dem Gesetz vum 1ten August 2018 souwéi aus dem viru genannten Accord respektéiert goufen?
   Falls net, bei wéi ville Beamten gouf géint den Accord iwwert d'Schaf- a Rouzäiten verstouss an ëm wat fir eng Verstéiss huet et sech gehandelt?
b. Wéi vill Stonnen (genau Stonnenzuel pro Beamten) hunn déi Polizisten geschafft, déi un dësen Deeg méi ewéi 12 Stonnen hu misste schaffen, an a wéi enge Situatiounen ass dat virkomm?

3. Ween ass bei der Police responsabel dofir, dass déi gesetzlech virgesinne Schaff– a Rouzäite respektéiert ginn?

4. Kann et bei Verstéiss géint d'Dispositiounen iwwert d'Schaff–a Rouzäiten zu Disziplinarmoossname kommen?
   Falls jo, ginn dës Disziplinarmoossname géint de betraffene Beamten oder géint de Responsabelen ageleet an a wéi vill Fäll goufe schonns esou konkret disziplinaresch Suitten ageleet?

Mat déiwem Respekt,

Marc GOERGEN
Députéierten